

Gerecht? Iwwerdriwwen? Onméiglech? Gendersensibel Sprooch am Lëtzebuergeschen

Caroline Döhmer (Zenter fir d'Lëtzebuurger Sprooch)

Beim Theema gendersensibel Sprooch fënnt een dacks zwou Extreempositiounen, déi den Discours dominéieren an déi am Fong direkt sollten entschäerft ginn: Leit, déi de geneeresche Maskulinum gebrauchen (also *Studenten*, fir: *Studenten a Studentinnen*), si keng Sexisten¹ an net amgaang, aktiv Fraen auszuschléissen, a Leit, déi genderen (*Studenten*innen*), sinn net Deel vun engem neie Sproochzwang an net amgaang, aktiv d'Sprooch ze zerstéieren. Mir sollten awer schwätzen, iwwer all dat, wat domat zesummenhänkt, a virun allem doriwwer, wat tëscht dës Positiounen läit.

D'Iddi vun dësem Bäitrag ass et, d'Theema gendersensibel Sprooch als éischt sproochwëssenschaftlech ze kadréieren (Wat ass eigentlech Geschlecht? A wéi gëtt dës Kategorie representéiert?) an dono d'Wuertbildung vum Lëtzebuergeschen op Ëmsetzbarkeet ze iwwerpräiwen: Wéi gi weiblech Forme gebilt? Wou si gegendert Kuerzformen iwwerhaapt méiglech (a liesbar)? A wéi léisst sech dat am Schrëftbild duerstellen? Dësen Text leet e geziilte Fokus op d'Ëmsetzung am Lëtzebuergeschen, mat Argumenter aus allgemengen Diskussiounen iwwer d'Genderen, déi een am däitsch- a franséischsproochege Raum fënnt (ech wëll mech aus Proximitéitsgrënn mat Lëtzebuerg op dës zwou weider Sproochen hei begrenzen).

Sprooch ass Identitéit, mee ass Identitéit och an der Sprooch?

D'Opkomme vun der gendersensibler Sprooch an de konkreeten Ëmgang domat si scho méi laang en Theema an diversen Diskussionsronnen an den däitsch- a franséischsproochege Länner. Mam Verb *genderen* ass eng Ausdrucksform gemengt, déi geschlechterinklusiv ass a sech op déi sozial Geschlechterrolle bezitt. Den Debat beweegt sech a ville Fäll op engem staark emotionaliséierten Niveau, wat sech doduerch erkläre léisst, datt Sprooch esou enk mat Identitéit verbonnen ass. Et kann ee séier eng perséinlech Aversioun empfangen, wann eppes anescht gemaach gëtt, wéi een et villäicht gewinnt ass. Et héiert een dann e Jo oder en Nee, éier sech déi zentral Froen zu dësem Theema gestallt goufen. Dacks gëtt och d'Verstümmelung vun der Sprooch als Géigenargument benotzt: D'Académie française gesäit *d'écriture inclusive* als „corset doctrinal [...] mutilant les respirations et la logique de la langue“². Oder d'Iddi vun dësen neien Ausdrucksforme gëtt am politeschen Debat zu engem „Umerziehungsgeist“ héichstiliséiert an als „Absurdität[...]“ deklaréiert (Markus Söder)³ a sproochlech Organer (*Verein Deutsche Sprache e. V.*)⁴ ruffen dozou op, géint den „Gender-Neusprech“ ze protestéieren. Donieft proposéieren awer vill Universitëiten am däitsche Sproochraum digitaalt

¹ An dësem Text gëtt de geneeresche Maskulinum gebraucht, fir op all d'Geschlechter ze referéieren.

² <https://www.academie-francaise.fr/actualites/lettre-ouverte-sur-lecriture-inclusive>

³ https://twitter.com/markus_soeder/status/1441450520284209153

⁴ <https://vds-ev.de/gegenwartsdeutsch/gendersprache/gendersprache/>

Infomaterial, wéi eng gendersensibel Sprooch kéint ausgesinn a wéi eng alternativ Tournurë kënnen gebraucht ginn.⁵

Zu Lëtzebuerg héiert ee vereenzelt Stëmmen, déi sech fir oder géint eng genderinklusiv Sprooch ausschwätzen an dëst Thema an den ëffentlechen Debat bréngen. Meeschtens geschitt dëst allerdéngs am Kontext vun der däitscher oder der franséischer Schrëftsprooch zu Lëtzebuerg, manner am Lëtzebuergesche selwer.⁶ Woubäi d'Sproochberodungshotline vum Zenter fir d'Lëtzebuenger Sprooch (ZLS) och schonn déi eng oder aner Demande zu deem Thema krut. Et gëtt beim ZLS och schonn en Aarbechtsgrupp, dee sech ëm d'Optioune vun enger gendersensibler Schreifweis bekëmmert (ë. a. an Zesummenaarbecht mam Commissaire fir d'Lëtzebuenger Sprooch Marc Barthelemy a mam Ministère fir Gläichstellung tëschent Fraen a Männer).

Diskussiounen iwwer gendersensibel Sprooch féiere bei de Leit deelweis zum Gefill, wéi wann eppes „vun uewen erof“ géif diktiert ginn, wéi wann een hinnen eppes géif virschreiwene oder wéi wann eng Instanz „hir“ Sprooch géif bewosst veränneren. Dës Impressioun huet nees mat der Identitéitsfunctioun vun der Sprooch ze dinn: e gefillten Agrëff a seng eege Sproochgewunnechten. D'Komplexitéit vun der Fro (Genderen – jo oder nee?) setzt sech aus verschiddene Beräicher zesummen. Et ass also net just eng Fro vun der Gewunnecht. Déi verschidden Niveauen, op déi sech gendersensibel Sprooch bezitt, sinn d'Sproochgemeinschaft an hir sozial Praxis, also d'Uwende vu Sprooch als Kommunikatiounsmëttel, d'Struktur vun der Sprooch als abstrakte System, historesch gewuesse Wäertvirstellungen, Sproochpolitik an och Psychologie. Um Enn kommen dann nach individuell Virstellungen a Preferenzen dobäi, déi et schwéier maachen, eng universell Léisung ze fannen. An och dësen Artikel huet net den Usproch, eng optimal Äntwert ze liwweren, mee d'Thema vu verschiddene Säiten ze belichten, fir d'Sproochbewosstsinn weider ze schäerfen.

Gendersensibel Sprooch dréit sech ëm alternativ Ausdrocksméiglechkeeten a Visibilitéit. Dat sinn Tendenzen, déi no an no an der Gesellschaft opkommen. Eng Sprooch verännert sech jee no Kontext an se huet generell d'Méiglechkeet, sech un nei gesellschaftlech Entwécklungen unzepassen (och Forme vum Duzen an Dierze si mat der Zäit gewuess). Wat sech an der Sproochgemeinschaft duerchsetzt, gesäit ee souwisou just laangfristeg.

Wann een de Saz „Sprooch ass Identitéit“ syntaktesch spigelt, da misst een dovun ausgoen, datt d'Identitéit vun all Mënsch och an der Sprooch läit. A genee dat ass d'Fro, déi ee sech am Kontext vum Gender stellt: Sinn (all) Identitéite sproochlech visibel? Oder anescht: Wéi eng Visibilitéit vun de Geschlechter soll, kann a muss d'Sprooch erëmginn?

3G vun der Terminologie: Genus, Geschlecht an Gender

Fir d'Thematik unzegoen, mussen als éischt e puer Basis-Konzepter vu Genus, Geschlecht an Gender méi no erkläert an differenzéiert ginn. Am Lëtzebuergesche ass Genus eng fest Eegenschaft vum Substantiv, et ass dat grammatescht Geschlecht mat den Ausprägunge Maskulinum, Neutrum oder

⁵ Et fënnt ee vill informativ Sitten (vun der Uni Lübeck bis Wien), wann een online no „Leitfaden Gender Uni“ sicht.

⁶ Cf. d'Question parlementaire Nr. 1382 vum Marc Angel un d'Taina Bofferding (am Kontext vum Franséischen) an d'Question parlementaire Nr. 4057 vum Fred Keup un de Claude Meisch (am Kontext vum Däitschen).

Femininum. Fir dat ze illustréieren, hält een am beschte Beispillwierder, déi kee biologesch Geschlecht hunn, also ouni Sexus: *Messer, Forschett, Löffel*. All Nomen huet en inhärente Genus, dee souzesoen am Wuert agespäichert ass. Dës grammatesch Kategorie muss berücksichtegt ginn, fir e korrekte Saz ze bilden (fir déi richteg Form an Endung vum Artikel a vum Adjektiv) oder fir eng eendeiteg pronominal Referenz opzebauen (hei allkéiers am zweete Saz):

Huel dat klengt Messer. Et läit nieft deem groussen. (Genus: Neutrum)

Huel déi kleng Forschett. Se läit nieft där grousser. (Genus: Femininum)

Huel dee klenge Löffel. E läit nieft deem groussen. (Genus: Maskulinum)

Bei Substantiver, déi Persoune bezeechnen, kënn nach d’Kategorie Sexus dobäi (= dat biologesch Geschlecht), well Persounen (an engem binäre Verständnes) männlech oder weiblech sinn:

dem Moler seng nei Ausstellung (Genus: Maskulinum, Sexus: männlech)

der Molerin hir nei Ausstellung (Genus: Femininum, Sexus: weiblech)

Fir d’Lëtzebuergesch gëtt et dann nach eenzel Begrëffer am Neutrum, déi op Frae verweisen (mat der relativ bekannter Referenzvariatioun mat *hatt* oder *si*). An dëse Fäll si Genus a Sexus net identesch:

deem klenge Meedche säi Vëlo (Genus: Neutrum, Sexus: weiblech)

E bëssen anescht ass et bei Familjen- a Verwandschaftsbezeechnungen: Wa vu *Pappen, Tattaen, Bridder* oder *Bomie* geschwat gëtt, iwwerschneide sech Genus a Sexus, esou datt vu vir era kloer ass, wéi ee (biologesch) Geschlecht designéiert gëtt. Dat ass bei anere männleche Persounebezeechnungen net de Fall. Hei kann de Maskulinum och geneeresch benotzt ginn (als Default-Begrëff fir béid Geschlechter) an och Frae mat abegräifen:

Am Meeting waren och e puer Pappen. (Genus: Maskulinum, Sexus: männlech)

Am Meeting waren och e puer Wëssenschaftler. (Genus: Maskulinum, Sexus: männlech + weiblech méiglech)

Reng sproochlech gekuckt huet sech am Lëtzebuergeschen (wéi a villen anere Sproochen och) iwwer d’Joerhonnerten de Maskulinum als „normal“ Form duerchgesat.⁷ Wat bedeit dat? „Du muss domat bei den Dokter goen!“ heescht einfach, datt een e medezineschen Avis brauch, egal ob vun engem Mann oder enger Fra, och wann d’Form *Dokter* – mat enkem Fokus op Sexus – e Mann bezeechent, deen dëse Beruff ausübt. An dësem Fall ass et awer e geneeresche Maskulinum, ouni Fokus op dat biologesch Geschlecht. Wann all Schüler e Certificat kritt, da sinn och zimmlech sécher Schülerinnen derbäi.

Eng Fro, déi sech stellt, ass, wéi staark Frae bei dëse geneeresche Liesaarte mat verstane ginn. Beispiller fir dës Fro fënnt een op ville Plazen, esou och an engem Artikel vun der *Süddeutschen Zeitung*, an deem et ëm e kënschtliche Liewensraum mat 8 Persoune geet, déi fir zwee Joer un engem

⁷ Grammatische Genus ass virun allem eng Eegenschaft an den indogermanesche Sproochen, zu deenen och d’Lëtzebuergesch, d’Englescht an d’Franséisch gehéieren. Wéi a firwat dës Kategorie genee entstan ass, gëtt an der Linguistik ëmmer nach diskutéiert.

Experiment deelgeholl hunn.⁸ Dës Persoune ginn esou beschriwwen: *fënnef Amerikaner, zwou Brittinnen an ee Belsch*. Fro: Wéi vill Fraen hunn deelgeholl? Et kéint een dovun ausgoen, datt zwou Fraen (*d'Brittinnen*) derbäi waren. Tatsächlech waren et awer genee véier Fraen a véier Männer. De Pluriel „Amerikaner“ gouf hei geneeresch benotzt, am Sënn vun „5 Persounen aus Amerika“. Well dono awer eng spezifesch weiblech Wuertform kënnt (*Brittinnen*), kritt een d'Impressioun, datt déi männlech Awunnerbezeechnung (*Amerikaner*) och misst mat enkem Fokus op Sexus gelies ginn, respektiv datt d'Geschlechterverdeelung beim Begrëff „Amerikaner“ net däitlech ass. Et kënnt deemno zu Interferenzen tëscht dem geneereschen an dem spezifische Gebrauch vu Maskulina.

Geneeresch Liesaarten (fir gemëscht Persounegruppen) betreffe virun allem Pluriellen am Maskulinum:

a) Maskulinum, Pluriel (geneeresch): *Wëssenschaftler hunn erausfonnt ...*

De Femininum Pluriel referéiert meeschtens op reng weiblech Persounegruppen. E geneeresche Femininum ass – och wann en op eenzelne Plaze schonn als Variant genotzt gëtt – éischter selten an net etabléiert.

b) Femininum, Pluriel (spezifesch): *Wëssenschaftlerinnen hunn erausfonnt ...*

Am Singulier gëtt normalerweis mat der männlecher respektiv weiblecher Persounebezeechnung hantéiert, well hei spezifesch op eng eenzel Persoun mat Sexus-Mierkmoler (männlech vs. weiblech) referéiert gëtt.

c) Maskulinum, Singulier (spezifesch): *e Wëssenschaftler sot an engem Interview*

d) Femininum, Singulier (spezifesch): *eng Wëssenschaftlerin sot an engem Interview*

A bestëmmte Kontexter gëtt awer scho geziilt drop opgepasst, dass Männer a Frae mat zwou Formen genannt ginn, grad bei Uriede wéi „*léif Matbierger a Matbiergerinnen*“ oder „*léif Wielerinnen a Wieler*“. Am Gebrauch besteet effektiv Variatioun, wéi eng Form als éischt genannt gëtt, wat awer am Prinzip näischt un der Visibilitéit ännert.

Beim Term *Gender* geet et ëm dat soziaalt Geschlecht, ëm Geschlechterrollen a -konstrukter: Wat gëtt mat Männlechkeet a Weiblechkeet assoziiert a wéi gi verschidden Gendere sproochlech representéiert? Beim Gendere soll fir méi Visibilitéit an eng méi balancéiert Representatioun tëscht Fraen a Männer gesuergt ginn. Dëst entsprécht enger binärer Vue op d'Geschlechter. Donieft gëtt et allerdéngs och Persounen, déi sech weeder als Mann nach als Fra identifizéieren.

Eng genderinklusiv Sprooch bedeit op där enger Säit, datt ee méi bewusst och Fraebezeechnungen about fir ze evitéieren, datt Persounegruppen als reng männlech interpretéiert ginn (Bsp.: *d'Mataarbechter*innen*), an op där anerer Säit, datt Konstruktiounen „entgendert“ ginn, esou dass eng potenziell Geschlechterzouuerdung entfält (Bsp.: *Ekippl amplaz Mataarbechter*). Eng méi radikal Form vun der Entgenderung, déi hei just als Illustratioun soll déngen, sinn nei Suffixer op *-(i)x* oder *-y*, déi sexus-neutral geduecht sinn. Bei dësem Prinzip gëtt entgendert, andeems eng méiglech Verbindung mat Sexus opgehewe gëtt, sief et um Wuert oder och bei neie Pronomen. Dat sinn dann zum Beispill Wuertbildunge wéi *Schauspillx* resp. *Schauspillix* (amplaz *Schauspiller*in*) oder

⁸ <https://www.sueddeutsche.de/wissen/biosphere-2-experiment-1.5424575?reduced=true>

Liesy (amplaz *Lieser*innen*) (Kronschläger 2020). Dass sech dës Formen duerchsetzen oder vun enger normativer Instanz virgeschriwwe ginn, ass net ze erwaarden. Se weise just, dass déi Persounen e sproochleche Wee wielen, deen hire Wäertvinstellungen entsprécht. Well mer Sprooch awer och benotzen, fir eis matzedeelen, sollten d'Forme verständlech sinn (ouni Akzeptanz vun der Sproochgemeinschaft wäerte sech keng nei Formen duerchsetzen). An engem Interview vun 2014, an deem et iwwee Forme wéi <Professx> gaangen ass, sot Prof. Lann Hornscheidt⁹: „Wir sagen nicht: So soll es sein. Wir sagen: So kann es sein.“¹⁰

Wann een also vun gendersensibler Sprooch schwätzt, da geet et drëm, all d'Persoune geziilt mat anzeschleissen an de geneeresche Maskulinum ze hannerfroen – och verbonne mat der Iddi, datt Sprooch eis Gedanke beaflosst a vice-versa.¹¹ D'Genderen dréit sech also net just ëm méi Visibilitéit fir béid Geschlechter, mee och ëm gesellschaftlech Stereotypen, wéi eng Aufgaben a wéi eng Eegenschafte mat wéi engem Geschlecht verbonne ginn.

Sproochwëssenschaftlech Perspektiv(en)

Generell ass et schwéier, e Patentrezept oder eng Uweisung fir d'Genderen erauszeginn (well et bal esou vill Positioune wéi Spriecher gëtt). Den Usproch vun der Sproochwëssenschaft läit am Fong doranner, sproochlech Phenomeener gutt ze resümieren an de Fonctionement ze erklären. Bei der Genderfro gëtt et awer eng Rei méi oder manner sachlech Positioune, déi Hetjens a Rummel (2021) a sechs Stereotypen ënnerdeelen.¹² Déi ënnerschiddlech Point-de-vuë sinn dobäi gepräagt vu verschiddene linguisteschen Traditioune: Wéi wichteg ass d'Theorie? Wéi eng empiresch Date bilden d'Grundlag? Wéi eng Roll kritt den Individuum an der Sproochgemeinschaft? Wéi normativ ass den Usproch? Wéi staark gi Gewunnechten an Ästhetik bewäert (wat u sech kee sproochwëssenschaftleche Krittär ass, mee nawell Deel vun der Diskussioun)? Déi verschidde linguistesche Positioune kënnen mat dëse sechs Aussoe vereinfacht duergestallt ginn:

1. Net agräifen!

D'Wëssenschaft sollt sech neutral als Zuschauer verhalten an net an natierlech Sproochentwécklungen agräifen.

2. Genderen ass Quatsch!

Sexus a Genus sinn zwou getrennt Kategorien. Deemno ass de geneeresche Maskulinum net spezifesch fir Männer ze liesen, mee huet sech als Grundform historesch etabléiert. Et ass eng abstrakt Kategorie, déi kee Lien mam biologesche Geschlecht huet.

⁹ Well d'Persoun Lann Hornscheidt sech selwer kengem Geschlecht zouerdent, gouf bewosst op en Artikel virum Numm verzicht.

¹⁰ <https://www.spiegel.de/lebenundlernen/uni/gendertheorie-studierx-lann-hornscheidt-ueber-gerechte-sprache-a-965843.html>

¹¹ Dozou gëtt et eng Rei psycholinguistesche Studien, déi vum Damaris Nübling (2021) gutt zesummegefaasst ginn: <https://www.welt.de/podcasts/con-und-pro/article233967530/Podcast-Die-Kritik-am-Gendern-basiert-oft-auf-albennen-Uebertreibungen.html?>

¹² <https://lingdrafts.hypotheses.org/2158>

3. Et gëtt ze vill Nodeeler!

D'Ëmsetzbarkeit vu gegenderte Formen mécht d'Liewe fir Persoune schwéier, déi eng Sprooch léieren oder eppes iwwersetzen an et kéint och zu sproochlechen Onsécherheeten an Hemmunge féieren.

4. Mir sollten emol ofwaarden!

Et muss tëscht de Kontexter ënnerscheet ginn. Et ass e Phenomeen, dat sech den Ament och séier wandelt, dofir muss ee waarden a weider beobachten, wéi d'sozial Follge vum Genderen a vum Net-Gendere sinn.

5. Relax genderen!

Psycholinguistesche Etüde weisen, dass de Maskulinum net just geneeresch verstan gëtt. Et sollt een awer net ze séier eng nei Richtung virginn, mee Alternativen ausprobéieren, fir eventuell sozial Hürden ze iwwerwannen.

6. De Gebrauch vun Alternative féerden!

D'Linguistik huet och eng gesellschaftlech Verantwortung a sollt aktiv fir méi Inklusioun suergen. Studie weisen, wéi de geneeresche Maskulinum zum Deel spezifesch männlech verstane gëtt.

Dës sechs Stereotypen, déi an der Realitéit natierlech keng sechs streng isoléiert Lager bilden, weisen, datt d'Linguistik u sech keng streng Meenung an och keng perfekt Léisung fir d'Genderfro huet.

Firwat et keng eenzeg Äntwert op d'Fro „Sollt mer genderen?“ ka ginn, faassen d'Auteuren esou zesummen:

„Welche Position hat also Recht? Nun, es ist kompliziert. Denn Sprache ist eben all das: Sie ist abstraktes System, soziale Ressource und historisch gewachsenes Konstrukt zugleich, sie besteht aus allem, was gesprochen, geschrieben, gehört und gelesen wird, aus dem, was unsere Köpfe damit anstellen und aus den Einstellungen, die wir darüber entwickeln. All diese Perspektiven sind wichtig und sie alle bringen uns weiter, denn jeder Ansatz kann nur einen Teil dessen erfassen, was unser Fach und seinen Gegenstand ausmacht.“ (Hetjens a Rummel 2021)

Mir sinn all Deel vun op d'mannst enger Sproochgemeinschaft a bréngen eis Astellungen alleguer mat, wat och dozou féiert, datt dës Diskussioun fir vill ënnerschiedlech Argumenter a Gefiller suergt. Dat sollt een awer net dovun ofhalen, op eng oppen Aart a Weis iwwer déi verschidde Perspektiven ze schwätzen a säi Sproochbewosstsinn fir dës komplexe Sujet ze erweideren.

A Frankräich huet genderinklusiv Sprooch och nach de Volet vun de weibleche Wuertbildungen. A bestëmmten, meeschtens akadeemesche Kreesser gëtt sech dofir agesat, datt eng Rei (prestigiéis) Beruffer, an deenen och tatsächlech vill Frae schaffen, iwwerhaupt e weibleche Pendant kréien, well et bis elo nach keng net-männlech Bezeechnung gëtt: „féminiser [les professions] est donc d'une grande importance symbolique“ (Cerquiglini 2018: 94). Dës Diskussioun ass fir d'Lëtzebuergesch hifälleg, well et fir all männlech Form och e weibleche Pendant gëtt. Mee wéi gesäit déi lëtzebuergesch Wuertbildung genee aus? A wéi géife gegendert Formen iwwerhaupt zustan kommen?

E konkrete Bléck op d'Lëtzebuergesch an eventuell morphologesch Hürden

De Virgang, aus engem Substantiv mat männlecher Referenz (*Moler*) eent mat weiblecher Referenz ze maachen (*Molerin*), heescht an der Linguistik „Movéierung“ a gëtt a ville Fäll mat engem Suffix ëmgesat: {moler} + {in}. Wann een also op de Wee geet, fir gegendert Formen explizitt ze integréieren, muss ee sech am Prinzip mat alle Méiglechkeete vun der Movéierung befaassen. Well et net just eng Suffigéierung op *-in* gëtt bei de weibleche Bezeechnungen, muss ee méi déif an d'Lëtzebuenger Morphologie, also an d'Wuertbildung kucken.

An den Duerstellungen am Franséischen an am Däitschen ass e bëssen ze bemängelen, datt meeschtens Wuertbildungsverfare gewise ginn, bei deenen déi weiblech Form duerch e konkreten, neie Suffix gebilt gëtt, a bei deem déi maskulin Grondform souzesoen onberéiert bleift: *Student*in*, *étudiant-e*. Et gëtt awer nach eng Partie aner Fäll, déi dat Ganzt méi komplizéiert maachen, an d'Lëtzebuergesch kennt doriwwer eraus souwuel däitsch wéi franséisch Movéierungen, déi een an dësem Kontext zousätzlech muss berücksichtegen. Aus morphologescher Perspektiv kann een elo scho soen, datt eng Léisung iwwer Kuerzformen (*Schüler*in*) fir d'Lëtzebuergesch net duergeet.

Fir d'Beispiller an dësem Text benotzen ech virleefeg de Stär als grafesch Trennung (eng Ausenanersetzung mat dësem grafeschen Aspekt steet um Enn vun dësem Bäitrag). Op dëser Plaz geet et elo net ëm sproochlech Ästhetik (déi objektiv och net ze beschreiwen ass), mee ëm de prakteschen Aspekt: Wat bedeit et, wann een déi weiblech Wuertform mat erabrénge?

Am Lëtzebuenger Online Dictionnaire (lod.lu) fënnt een iwwer 1000 Movéierung fir Persounebezeechnungen, also weiblech Substantiver, déi vun engem männleche Substantiv ofgeleet sinn (*en Aktivist* → *eng Aktivistin*), oder nominaliséiert Adjektiver, déi sech op e Mann oder eng Fra bezéien (*kriminell* → *e Kriminellen*, *eng Kriminell*). Insgesamt ginn et 10 verschidde Wuertbildungsmuster, déi hei opgrond vu morphologeschen a phonologesche Krittäre gruppéiert goufen (hei der Heefegkeet no klasséiert).

1. weibl. Form op *-in*: *Kandidat*in*, *Awunner*in*
2. weibl. Form op *-esch*: *Apdikter*Apdiktesch*
3. weibl. Form op *-rice*: *Ambassadeur*Ambassadrice*, *Editeur*Editrice*
4. Konversioun (selwecht Form): *en*eng Kiné*, *en*eng Schäffen*
5. weibl. Form op *-ière*: *Bijoutier*Bijoutière*, *Banquier*Banquière*
6. weibl. Form op (stommen) *-e* (deelweis mat Gläichklang vum Grondwuert): *Enseignant*Enseignante* (Endung gëtt anescht geschwat), *Invité*e* (Gläichklang)
7. weibl. Form op *-euse*: *Serveur*Serveuse*
8. Subtraktioun (weibl. Form méi kuerz): *Helleg*en*, *Deputéiert*en*
9. weibl. Form op *-nne*: *Patron*Patronne*
10. weibl. Kompositum mat *-fra*: *Fachmann*Fachfra*, *Ersatzmann*Ersatzfra*

An da fënnt een nach eenzel Forme wéi de *Steward* an d'*Stewardess* oder de *Grand-Duc* an d'*Grande-Duchesse*.

Am LOD maachen d'Wuertbildungen op *-in* ronn 72 % vun alle Movéierungen aus. Bei dëser Lëscht gëtt de rengen sproochlechen „Inventaire“ beschriwwen; a wéi enge Frequenzen dës Wieder am Alldag optrieden (och par rapport zu deenen anere Klassen), konnt fir dës kleng Etüd net ermëttelt ginn. Et läit awer op der Hand, datt eng Wuertkoppel wéi *Enseignant*Enseignante* (aus der Klass 6) méi heefeg ass ewéi d'Wuertkoppel *Bastler*in* aus der Klass 1.

E puer lëtzebuergesch Gender-Formen

Beim Duerchspille vun de morphologesche Méiglechkeeten am Lëtzebuergesche gëtt däitlech, datt – wann ee Liesbarkeet a Wuertbildung als Krittäre berücksichtegt – virun allem d'Formen op *-in* mat enger Kuerzform kënne gegendert ginn: *Komiker*in*. An deem Fall huet een eng weiblech Wuertbildung, bei där just e Suffix ugehaange gëtt (*+in*), Aussprooch a Grondform bleiwen erhalen. Och Forme wéi *Chargé*e* (mat Gläichklang) oder *Kriminell*en* (de Suffix *-en* bezeechent déi männlech Form) kënnen als Kuerzform duergestallt ginn. Bei Forme wéi *Apdikter*esch* oder *Masseur*se* schéngt eng explizitt Bédnennung mat Stär (*Apdikter*Apdiktesch*, *Masseur*Masseuse*) méi sënnvoll, wann een de Liesfloss vu lénks no riets berücksichtegt, well sech bei der Movéierung och d'Grondwuert verännert.

Beim Singulier kommen dann nach Artikelen a Pronomen derbäi, déi natierlech och no Genus (Maskulinum, Femininum) ze bestëmmen sinn (am Pluriel gëtt et just eng Form fir all Genus).

*Do muss een da säin Apdikter*seng Apdiktesch froen. Deen*déi hëlleft engem da weider.*

Alternativ kann ee Persounebezeechnungen evitéieren: *Do muss een dann an der Apdikt froen.*

Heiansdo kënnen och ganz Sazdeeler widderholl ginn, well beispillsweis de maskulinen Artikel am Dativ (*dem*) mat der Prepositioun verschmelze kann (*bei+dem=beim*), wat e beim Femininum net mécht: *beim Apdikter*bei der Apdiktesch froen.*

Generell kann een d'Pronominaliséierung och mat enger Bédnennung ëmsetzen: *hien*si, säint*hiert*. Jee no Kontext kann och eng Pronominaliséierung mat *hien*hatt* (Maskulinum, Neutrum) Sënn maachen. Dat gëllt dann och fir Indefinitpronomen: *Huet nach een*t eng Fro?* Hei kéint een als Alternativ onperséinlech formuléieren: *Gëtt et nach Froen?*

Och beim Pluriel maachen d'Kuerzformen haaptsächlech beim *in*-Suffix Sënn: *Schüler*innen*. An deem Fall kann d'Kuerzform ënner Ëmstänn duerch e Plurielsuffix (*-en*) bei der männlecher Form ënnerbrach ginn: *Studenten*innen*. Generell besteet natierlech d'Méiglechkeet, béid Formen ëmmer auszeschreiwen: *Studenten*Studentinnen*.

Bei deene meeschte Pluriellen (wou et keng weiblech Form op *-in* gëtt) a bei méi laangen Zesummesetzungen aus dem Franséischen, déi u sech scho genuch Komplexitéit matbréngen, schéngt eng ausgeschriwwe Bédnennung déi bescht Alternativ ze sinn: *Invitéen*Invitéeën, Educateur-graduéen*Educatrice-graduéeën*.

Persounebezeechnunge kënnen allerdéngs net just eleng virkommen (*de Lieser, d'Lieserin*), mee och als éischt Glidd vun engem Kompositum: *de Lieserbréif*. Hei gëtt et am Prinzip keng Sexus-Referenz, well dat zweet Glidd (*de Bréif*) am Vierdergrond steet. De *Lieserbréif* muss aus linguistescher Perspektiv net vum *Lieserinnebréif* ofgegrenzt ginn an et ass och keng Bédnennung op där Plaz virgesinn (och wann esou Beispiller gär als Contra-Argument genannt ginn). Dat betrëfft och Wiederer wéi *Studentepret*, déi aus morphologescher a semantescher Perspektiv net musse gegendert ginn. Eng aner Optioun wier eng Ëmschreiwung mat Appositioun (*e Prêt fir de Studium*) oder eng Wuertbildung ouni Persounebezeechnung: *Studiepret*.

Generell sinn Ëmschreiwungen ëmmer méiglech (och ausserhalb vun der Genderdiskussioun). Bei Persounebezeechnunge kann een d'Substantiv ersetzen oder mat enger Appositioun ergänze wéi bei dese Fäll:

*een*eng Drogésüchteg*en → Leit mat Drogésucht*

*eis Mataarbechter*innen → eis Ekip*

*beim Apdikter*bei der Apdiktesch froen → an der Apdikt froen*

Am Standarddäitschen hëlt een dacks genderinklusiv Substantiver, déi vun engem Verb am Participe présent ofgeleet sinn: *studieren → studierend → Studierende*. Dës Strategie ass fir d'Lëtzebuergesch manner praktesch, well de Participe présent am Lëtzebuergesch net produktiv ass (also net fir all Verb verfügbar) an och éischer seelen am Gebrauch. Däitsch Partizipialforme wéi „Mitarbeitende“ (amplaz *Mitarbeiter*innen*) oder „Radfahrende“ (amplaz *Radfahrer und Radfahrerinnen*) si fir d'Lëtzebuergesch méi schwiereg ëmzesetzen a fannen och éischer wéineg Akzeptanz bei anere Spriecher.

Sproochstrukturell si vill Forme méiglech – aus anere Sprooche geléint, mat neien Zesummesetzungen oder Ëmschreiwungen. D'Fro läit awer ëmmer bei der Akzeptanz an der Gesellschaft a bei deem, wat ee selwer domat zum Ausdrock bréngt wëll. An do wäert et sécher nach eng Zäit daueren, bis bestëmmten Alternativen duerchgespillt sinn a bis et villäicht nei kreativ Weeër gëtt, déi an der Sproochgemeinschaft entstinn. Dëst ass einfach eng komplex Aufgab, well een am Lëtzebuergesch vill verschidde weiblech Forme fënnt an och Genus eng Kategorie ass, déi net just um Substantiv selwer ze fannen ass, mee sech duerch déi ganz Sazstruktur kann zéien. Fir d'Geschlechter visibel an e Saz anzubauen, ass sécherlech e kleng kognitiven Effort gefrot, souwuel op der Säit vum Produzent wéi och vum Rezipient vum Text, eleng schonn duerch d'Tatsaach, dass gewinnt Denkmuster hannerfrot ginn.

Gëff mer en Zeechen!

Well d'Diskussioun iwwer d'sproochlech Visibilitéit vun alle Geschlechter net nei ass an d'Leit fräi sinn, fir Sprooch kreativ anzusetzen, koom et – am däitschsproochge Raum – zu verschidde Méiglechkeeten, gendersensibel Kuerzformen ze bilden (als Musterbeispill mam manner problemateschen *in*-Suffix). Am Gebrauch fënnt een déi follgend Ofkierzungen:

*Lieser_in LieserIn Lieser/in Lieser:in Lieser*in*

Am franséische Sproochraum ass säit 2017 de Point médian am Gebrauch, dee scho fir vill (sproochpolitesche) Wierbel gesuert huet: *Cher·e·s lecteur·rice·s déterminé·e·s* (hei bleift och d'Fro, wéi een dat misst liesen).¹³

Et kann duerch virkommen, datt jee no Institutioun aner Léisunge proposéiert ginn oder datt et de Leit generell fräisteet, wéi se wëlle schreiwen. Eng grafesch Vereenheetlechung ass awer op ville Plazen dat laangfristegt Zil.

Inklusioun bedeit net just, datt ee Fraen, Männer an net-binär Persoune mat abezitt, mee och déi mat kierperlechen Aschränkungen. Et geet bei Schrëftzeechen also och ëm „Barrierefreiheit“. An do schwanken d'Positiounen tëscht Doppelpunkt a Stär. Fir Virliesprogrammer ass den Doppelpunkt anscheinend méi einfach ze veraarbechten ewéi den Asterisk. Mee och dëst Argument gëtt

¹³ <https://www.franceculture.fr/politique/lecriture-inclusive-un-debat-tres-politique>

beispillsweis an Däitschland vum *Deutscher Blinden- und Sehbehindertenverband e. V.* (DBSV) relativéiert. Prinzipiell recommandéiere si eng Béidnennung (männlech/weiblech). Laut hirem Site versichen se awer, esou gutt et geet, neutral Formuléierungen anzesetze wéi *Team*. Wa Kuerzforme gegendert ginn, da schwätze si sech fir de Stär aus, mat dëser Begrënnung:

„Falls jedoch mit Kurzformen gegendert werden soll, empfiehlt der DBSV, das Sternchen zu verwenden, weil es laut Veröffentlichungen des Deutschen Rechtschreibrates die am häufigsten verwendete Kurzform ist und so dem Wunsch nach einem Konsenszeichen am nächsten kommt.“¹⁴

Bei der Lëtzebuurger Blannevereinigung gouf op perséinlech Nofro just uginn, datt déi lëtzebuergesch Braille komplett ouni Accenten oder Sonderzeeche fonctionéiert, deemno stellt sech d'Fro nom Trennzeichen am Prinzip net. En direkte Bezuch op Virliesprogrammer gouf net gemaach, mee den Ament ass och net dovun auszegoen, datt vill lëtzebuergesch Texter vun engem Computer virgelies ginn.

Nieft dem Aspekt vun der digitaler Veraarbechtung vu Sonderzeechen ass et eng intressant Beobachtung, datt och de Facteur Konsens eng wichteg Roll spillt, well méttlerweil verschidde grafesch Zeeche fir Genderschreiwung existéieren. Och hei kann een d'Positioun verrieden, ob d'Leit als Sproochgemeinschaft no an no zu engem Konsens solle kommen oder ob een eng Riichtlinn soll virginn – also keng Virschrëft, datt een gendert, mee eng Hëllefstellung fir Persounen, déi fir sech decidéiert hunn, datt se wëllen genderen.

Wéi liest een eigentlech gegendert Formen?

Bei der Gender-Diskussioun ëm Wuertbildungen an Zeeche si mer elo nach net an de Beräich vun der mëndlecher Ëmsetzung gaangen. Wéi dës Formen – elo am Lëtzebuergesch – sollte geschwat ginn, gouf bis elo ausgeklamert. Hei kéint et vu Virdeel sinn, datt ee wéinst de komplexe Wuertbildungsprozesser déi meescht Wieder souwisou misst ausschreiw an deemno ganz Wieder einfach kéint ausschwätzen, wéi se eeben do stinn.

Am Däitsche gouf schonn de Versuch ënnerholl, gendersensibel Sprooch och mëndlech ze kennzeechnen, duerch e Knacklaut am Keelkapp virun der weiblicher Endung: *Expert[?]innen*. Dës Knacklaut [?], och Glottisstopp genannt, héiert een um Ufank vum Vokal, wann een <o, o> haart seet (wann engem eppes Onangeneemes opfällt).

Dës geschwaten *Gendergap* ass fir d'Lëtzebuergesch – eleng duerch déi vill franséisch Wuertbildungen an d'n-Regel¹⁵ – keng optimal Léisung. Et kann een da vu *Schüler[?]inne* schwätzen, awer bei den *Enseignant*en* oder *Patron*në* spillen aner Facteure mat, déi d'Positioun an d'Artikulatioun vum Knacklaut verkomplizéieren. Oder wéi hutt Dir dës Formen elo grad an Ärem Kapp gelies?

¹⁴ <https://www.dbsv.org/gendern.html#barrierefreiheit>

¹⁵ Den Detail vun der n-Regel fënnt een an der aktueller Lëtzebuurger Orthografie (ZLS a CPLL 2019) am Kapitel 6.

An elo?

D'Diskussioun ëm (net just) sproochlech Gläichstellung dauert scho säit Joerzénge un. D'Optauche vu grafesche Markéierung wéi de Point médian am franséischsproochge Raum an den Genderstär am däitschsproochge Raum hunn d'Diskussiounen awer, wéi et ausgesäit, an de leschte Joren an de breede Public katapultéiert an se deelweis zu engem Politikum gemaach. Den Genderstär ass awer am Prinzip stellvertriedend fir gréisser Froen: Wéi kënne mer eis als Gemeinschaft fir dëst Thema sensibiliséieren? Wat sollte mer gemeinsam hannerfroen a wat entsprécht eisen aktuelle Liewenswelten?

Eng perfekt Léisung steet fir den Ament nach aus. Beim konkreeten Duerchspille vun de weibleche Wuertbildung gëtt fir d'Lëtzebuergesch séier däitlech, datt et mat der Diskussioun ëm d'Endung **in* net gedoen ass. En éischte wichtege Schrëtt ass et, sproochlech Variatioun an ënnerschiddlech Stiler ze erkennen an ze verstoen – dat gëllt och fir alternativ Ausdröcksméiglechkeeten. Et wäert ee Genus net aus der Sprooch eliminéiere kënnen. An esoulaang d'Sproochgemeinschaft e Lien tëscht grammateschem a biologeschem Geschlecht empfënnt, wäert iwwe dës Beräicher geschwat ginn (esou wéi ee vläicht och iwwe d'Duzen an d'Dierze verhandelt). Dobäi muss ee bedenken, datt et net just e linguistescht Phenomeen ass, och wann et eppes ass, wat sproochlech ausgedréckt gëtt. Et geet och ëm kulturell, sozial a psychologisch Zesammenhäng. Villäicht entstinn an de nächste Joren aner Atellungen an/oder aner Méiglechkeeten.

Et dierf ee bei all dësen Debaten a Formuléierungen net vergiessen, dass Sprooch virun allem eppes ass, wat spilleresch, spannend a spontan ass. A just well – aus gesellschaftleche Grënn – Froen iwwe d'Visibilitéit vu Geschlechter ugeschwat ginn, heescht dat net, datt all Äusserung just no Scheema X dierf gebilt ginn oder dass ee permanent fäerte muss, Gefiller ze verletzen. Et ass awer och gutt, wann an enger Sproochgemeinschaft drop opmierksam gemaach gëtt, datt dës Gefiller existéieren a mer eis gemeinschaftlech Gedanken doriwwer maachen, wat eise Sproochgebrauch kann, dierf a soll reflektéieren.

Eng sproochlech Ausdröckweis hänkt allerdéngs och ëmmer vum Kontext a vun der Intentioun of: Mat wem gëtt geschwat a wat wëll de Spriecher zum Ausdröck bréngen? An esou gëtt et individuell a situatiounsgebonne Stiler, déi nieftenee koexistéieren, ouni datt engem eppes virgeschriwwen oder ewechgeholl gëtt. An dës Ausdröckformen entwéckele sech weider, verschiddener verschwannen nees, anerer bleiwen an der Sproochgemeinschaft bestoen. Sproochwandel (op strukturellem a stilisteschem Niveau) muss net mat Zwang ëmgemat ginn, Sproochwandel geschitt, well mer nei Weeër denken an nei Formen iwwehuelen. An et ka keen dergéint sinn, datt mir als Gemeinschaft denken.

Quellen:

- Cerquiglini, Bernard (2018): *Le ministre est enceinte, ou, La grande querelle de la féminisation des noms*. Editions Seuil.
- Diewald, Gabriele an Anja Steinhauer (2020): *Handbuch geschlechtergerechte Sprache. Wie Sie angemessen und verständlich gendern*. Dudenverlag.
- Diewald, Gabriele an Anja Steinhauer (2017): *Richtig gendern*. Dudenverlag.
- Gygax, Pascal a Sayaka Sato, Anton Öttl, Ute Gabriel (2021): The masculine form in grammatically gendered languages and its multiple interpretations: a challenge for our cognitive system. *Language Sciences* (83) URL: www.sciencedirect.com/science/article/pii/S0388000120300619.
- Kronschläger, Thomas (2020): Entgendern nach Phettberg im Überblick. URL: www.researchgate.net/publication/343974830_Entgendern_nach_Phettberg_im_Uberblick
- Rummel, Marlene an Dominik Hetjens (2021): Was sagt die Linguistik zum Gendern? Tendenzen in sechs Stereotypen. URL: <https://lingdrafts.hypotheses.org/2158>.
- Zenter fir d'Lëtzebuerger Sprooch [ZLS] mam Conseil fir d'Lëtzebuerger Sprooch [CPLL] (2019): *D'Lëtzebuerger Orthografie. 4. Oplo. SCRIPT, ZLS*. URL: https://portal.education.lu/Portals/79/Documents/WEB_LetzOrtho_4Oplo_v01.pdf?ver=2021-01-13-085421-963

Aner Quellen / Interviewen:

- Gender-Positioun vum *Deutscher Blinden- und Sehbehindertenverband e. V.* (2021). URL: www.dbsv.org/gendern.html.
- Lettre ouverte vun der Académie française iwwer *d'écriture inclusive* (2021). URL: www.academie-francaise.fr/actualites/lettre-ouverte-sur-lecriture-inclusive
- Interview mat Prof. Dr. Lann Hornscheidt (2014). URL: www.spiegel.de/lebenundlernen/uni/gendertheorie-studierx-lann-hornscheidt-ueber-gerechte-sprache-a-965843.html.
- Interview/Podcast mam Prof. Dr. Damaris Nübling (2021). URL: www.welt.de/podcasts/con-und-pro/article233967530/Podcast-Die-Kritik-am-Gendern-basiert-oft-auf-albernen-Uebertreibungen.html
- Interview/Podcast mam Julia Abbou a PD Dr. Pascal Gygax mat Quelleverweiser (2020). <https://www.binge.audio/podcast/parler-comme-jamais/ecriture-inclusive-pourquoi-tant-de-haine>
- Iwwersiicht iwwer den Debat a Frankräich ronderëm *d'écriture inclusive* vum Cécile de Kervasdoué (2021). URL: www.franceculture.fr/politique/lecriture-inclusive-un-debat-tres-politique

[All d'online Sourced goufe fir d'lescht den 1. Oktober 2021 opgeruff.]